ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Wéi an engem Artikel vun "Luxembourg Times" nozeliesen ass (*"Government aid for Luxembourg floods slow in coming"*, LT vum 16.8.2022), kruten déi 36 Gemengen, déi no den Iwwerschwemmunge vum 14. a 15. Juli 2021 finanziell Entschiedegunge beim Staat ugefrot haten, bis elo (Stand: 3.8.2022) just ronn 370.000 Euro ausbezuelt. Dat entsprécht manner wéi 2 % vun deem Betrag, dee si zegutt hunn (23 Mio. Euro).

Wat déi 634 privat Stéit ugeet, déi finanziell Entschiedegunge beim Staat ugefrot haten, sinn der bis Mëtt Mäerz 2022 ongeféier d'Halschent dedommagéiert ginn, wéi de Ministère am Abrëll matgedeelt hat.

An deem Kontext hu mir folgend Froen un d'Madamm Minister:

1) Aus wéi enge Grënn goufe bis elo just 370.000 Euro un d'Gemengen ausbezuelt? Kann d'Regierung preziséieren, bis wéini d'Gesamtzomm un d'Gemengen ausbezuelt wäert sinn?
2) Wéi vill privat Stéit krute säit Mëtt Mäerz 2022 hir Entschiedegungen ausbezuelt? Wéi héich ass d'Zomm, déi der Regierung u privat Stéit nach auszebezuele bleift?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten

Jeff Engelen, Deputéierten